N°1257
Entrée le 04.11.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro N° 1257 vum 1. Oktober 2024 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen iwwer d'Statistike vun den CFL zu der d'Pénktlechkeet vun den Zich**

Den honorabelen Deputéierten informéiert sech iwwert Statistiken vun den CFL zu den Ausfäll a Verspéidungen vun hiren Zich.

D'CFL erhieft an analyséiert deeglech d'Donnéeën iwwert Verspéidunge vun hiren Zich an Zichausfäll déi tëschent de geplangte Fuerplangdonnéeën an den Echtzäitdonnéeën vun de jeeweilegen Zich ermëttelt ginn.

Aktuell publizéiert CFL all Mount eng detailléiert Pénktlechkeetsstatistik vun den Zich op hirem Internetsite ënnert follgendem Link: https://www.cfl.lu/fr-fr/punctuality.

Heibäi liwwere si Informatiounen iwwert de Pénktlechkeetstaux vun hiren Zich fir dat lafend Joer an och fir dee jeeweils ofgeschlossene Mount, mat och jeeweils der Indikatioun vum Taux vun den Deelausfäll an de Komplettausfäll vun den Zich, an dem Verglach mam Virjoer.

D'CFL liwwert dann och dee selwechten Detail pro Linn an opgegliddert no Streckendeeler vun dëser Linn. Dëst erméiglecht hinne fir an aller Transparenz hire Clienten Informatiounen iwwert d'Pénktlechkeet vun den Zich fir hier Stréck z'iwwermëttelen.

Hei sief och drop higewisen, dass bei all Ausfall gekuckt gëtt wat dat fir d'Zefriddenheet vun den Clienten heescht, an dëst onofhängeg vum Grond deen hannert dem Ausfall stecht.

Lëtzebuerg, den 4. November 2024

Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten
(s.) Yuriko Backes